N°7066
Entrée le 25.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.10.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Am Kannerbongert zu Déifferdeng kënnen d'Kanner an d'Spillschoul, d'Crèche an an d'Maison Relais goen. Dës Schoulstruktur läit ausserhalb vum Duerf an der Natur. Säit d'leschter Woch ass d'Saison vun der Klappjuegd erëm am gaangen a mir ass vun Elteren zougedroe ginn, dass d'Kanner dowéinst de Kannerbongert musse verloossen an op Esch op de Gaalgebierg an d'Schoul goen. D'lescht Joer hätten d'Kanner d'Gebailechkeeten da wärend de Pausen net dierfe verloossen, wéinst der Klappjuegd.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kënnen d'Ministeren dëst bestätegen?
2. Gëtt d'Klappjuegd effektiv als esou geféierlech fir d'Kanner am Kannerbongert ageschat?
3. Wa jo, firwat gëtt et kee Sécherheetsperimeter ronderëm de Kannerbongert, dee grouss genuch ass fir sécher ze stellen, dass de Kanner näischt geschitt?
4. Gëtt et allgemeng ee Sécherheetsperimeter ronderëm Gebaier wann Klappjuegte sinn? Wa jo, kann d'Minitesch hei Detailer nennen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Joëlle Welfring, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7066 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen

Den Artikel 35 vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental* gesäit vir, datt d'Gemenge fir d'Gestioun vun de Schoulgebaier vum Enseignement fondamental verantwortlech sinn an an dësem Zesummenhang och fir déi néideg Sécherheet suergen. An der non-formaler Bildung (Maison relais a Crèche) läit dës Responsabilitéit beim Bedreiwer, deen an dësem Fall d'Gemeng selwer ass.

D'Juegdlegislatioun fält an de Kompetenzberäich vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an der Natur- a Bëschverwaltung (ANF). D'Jeeër musse Klappjuegte bei de Gemengen an der ANF mellen. Dëst ass nëmmen een Element aus dem groussherzogleche Reglement iwwert d'Sécherheet op der Juegd (*Règlement grand-ducal modifié du 13 mars 2015 déterminant les mesures de sécurité à respecter par les chasseurs et les tiers*). Et gëtt kee Sécherheetsperimeter ronderëm Gebaier wärend enger Juegd. D'Juegd selwer dierf allerdéngs net op engem bebauten Terrain stattfannen.

D'Gemeng Déifferdeng kennt d'Datumer vun de Juegten an der Ëmgéigend, sou datt d'Léierpersonal am Virfeld informéiert ka ginn. An dësem Fall huet d'Gemeng Déifferdeng dem Schoulservice recommandéiert, datt d'Schüler, d'Schoulpersonal, esou wéi och d'Kanner an d'Personal aus der Maison relais an der Crèche déi Deeg, op deenen eng Klappjuegd an deem Bësch annoncéiert gouf, an deem och d'Gebailechkeete vum Kannerbongert sinn, een Ausflug maachen. D'Regionaldirektioun vun Déifferdeng an déi betraffe Bildungs- a Betreiungsstrukturen hu sech dëser Recommandatioun alignéiert, esou datt den entspriechenden Ausflug organiséiert ginn ass an d'Elteren heiriwwer informéiert goufen.

Lëtzebuerg, de 6. Dezember 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH